N°8123
Entrée le 08.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vun der Kulturministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8123 vum 4. Juli 2023 vum Här Deputéierten André Bauler.**

1. **Wat fir eng Aarbechte goufe bis ewell scho geleescht?**
   De Réibau ass gréisstendeels fäerdeg, den neien elektreschen Traffo-Uschloss vun de Gebailechkeeten ass gemaach an d'Aarbechte vum Bannenausbau esouwéi den techneschen Installatioune sinn amgaangen.

2. **Gouf et technesch Problemer, déi zu eventuelle Retarden an der Ausféierung vun de Pläng gefouert hätten?**
   Niewent de Verzögerungen déi der Corona Pandemie geschëlt sinn, hunn och déi archeologesch Analysen eng gewëssen Zäit an Usproch geholl.

3. **Wat fir Deeler vum Gebai sinn an Ofsprooch mat dem Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) restauréiert ginn?**
   Alleguerten d'Interventioune si mam INPA koordinéiert ginn ; am Speziellen ass do d'Renovatioun vum Kräizgank ervir ze hiewen, wou eng Rei Figuren, Weekräizer, Grafsteng an aner Objete restauréiert ginn.

4. **Wat ass dee warscheinlechen Datum op deem mat der Reouverture vun de Gebailechkeete vum fréiere Klouschter gerechent ka ginn?**
   Den aktuelle Planning gesäit vir dass d'Aarbechten Enn 2024 / Ufank 2025 ofgeschloss sinn.

5. **Wéi vill Zëmmere wäert déi nei Jugendherberg hunn?**
   Déi néi Jugendherberg wäert eng 120 Better zur Verfügung stellen, dorënner 7 Zëmmer mat 2 Better, 2 Zëmmer mat 3 Better, 13 Zëmmer mat 4 Better, 6 Zëmmer mat 5 Better an 3 Zëmmer mat 6 Better. Et si keng Eenzelzëmmer virgesinn.

Lëtzebuerg, den 8. August 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch